echt. De sechste Mount koum ech nees bei Burck, an du war méng „Arbeitsdienstzeit" zu Zeulenroda eriwwer.

Den 1. Mee 1944 huet fir mech de „Kriegshilfsdienst" (KHD) zu Hermsdorf-Bad Klosterlausnitz ugefaang; dat as 50 km westlech vun Zeulenroda, also och nach an Thüringen. Do hu mir 3 km vun der Rüstungsfabrik, an däer mir hu misste schaffen, an enger hëlzener Brak logéiert. Déi Fabrik hat virdru Kahla geheescht, wéi nach Parzeläin an och Isolatore gemaach gouwen. Ëm halwer 4 muerges si mir opgestan. Duerno war Frühsport, an da gouf de Fändel ausgehaang. Mir hun am Akkord geschafft vu muerges 6 bis owes 6 Auer, mat enger Paus vun enger Stonn fir z'iessen. Mir hu misse Placke léide fir d'Motore vun de Fligeren; 10 an der Stonn hu mir gemaach. Mir hun esou geléit, datt déi Léitstell nët laang soll daueren.

Nieft der Fabriksaarbecht, déi ganz ustrengend war, hu mir leider awer och nach aner Episoden erlieft. Op den Zuchsschinnen houlen ëmmer Zich mat Véihwaggône voller Leit, déi op Buchenwald gefouert goufen. Wann do Doudeger waren, sin déi eraus op d'Schinne gehäit gin, ma nët laang, well da waren d'SS mat de groussen Honn do; déi hun all Kéier zwee Mann aus dem Zuch geholl, an da sin déi Doudeg nees an de Waggon gehäit gin. Esou gong dat Spill fir eis néng Méint laang weider, an et konnt ee bal nët méi nokucken.

Enges Dags, den 11. Mäerz 1945, hu mir zu dräi Lëtzebuerger Medercher no 11 Méint de Courage geholl an eis op de Wee gemat, fir eis eleng zu Fouss vun Thüringen bis op Lëtzebuerg duerchzeschloen. Déi Rees huet e ganze Mount gedauert an huet eis ënnert anerem duerch d'Front gefouert.

Et géif eis ze wäit féieren, fir op dëser Plaz alles ze verzielen, wat mir erlieft hun. Haut, no bal 50 Joer, fällt et engem vläicht schwéier, sech virzestellen, wéi deemools Medercher vu 17 Joer, 600 km vun doheem ewech, onerfueren an de Kujhenade vun de Leit an de Werkmeisteren ausgesat, nach zousätzlech ville Geforen ausgeliwwert waren, wou et nët ubruecht as, hei driwwer ze schreiwen. Ech wollt einfach nëmmen heimat weisen, datt d'Lëtzebuerger Medercher, vun denen an der Geschicht vum 2. Weltkrich nët vill geschwat gët, vill Schlëmmes erlieft hun, och wa si nët direkt un der Front waren. Et wir gutt, wann nach aner „Arbeitsmaiden" vun deemools hir Erliefnësser géifen opschreiwen. Vläicht ergëtt sech dann d'Geleënheet, fir méi komplett op d'Geschicht vum „Arbeitsdienst" anzegoen, wéi et hei op dene puer Säite méiglech war.

Marie-José Weber-Braun